




ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°2442



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An enger gemeinsamer Sëtzung vun de Chamberkommissioune vun der Justiz an der bannenzeger Sécherheet um 24. Juni 2020, huet d'Madamm Justizminister Tanson op déi aktuell Rekrutementsproblemer bei der Justiz opmierksam gemaach. Si huet gemengt, datt een eventuell och misst, wéi bei der Police, d'Konditioune fir den Accès an d'Justiz iwwerdenken.

An deem Kontext wëllte mir der Madamm Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi hu sech d'Konditioune fir den Accès an d'Magistratur an deene leschte Joren entwéckelt?
2. Wéi verleeft aktuell de Rekrutement a wéi vill Poste stinn a wéi enger Karriär op?
3. Denkt d'Madamm Minister drun, den Accès an d'Justiz, speziell an d'Magistratur, fir Auslänner opzemaachen? Wa jo, wéini an ënner wéi enge Konditioune?
4. Denkt d'Ministesche drun, fir eelere Affekoten, déi op laangjäreg Erfahrung kënnen zréckkucken, eng Entrée an d'Magistratur ze erméiglechen? Gutt Erfarunge goufe jo sengerzäit mat dësem System gemaach, wéi déi administrativ Jurisdiktione geschaf goufen. Wann nee, wou läit de Problem?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Keding
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

. Luxembourg, le 25 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2442 du 24.06.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser et de Monsieur le Député Roy Reding - Recrutement dans la magistrature

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **20 JUIL. 2020**

Réf. QP - 48/20 - N°2442

REÇU

Par Christine Wirtgen, 14:35, 20/07/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg


Objet : Question parlementaire n°2442 du 24 juin 2020 des honorables Députés Roy Reding et Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro
N° 2442 vum 24. Juni 2020 vun den honorablen Deputéierten
Fernand Kartheiser a Roy Reding**

Fro 1

Virum Gesetz vum 7. Juni 2012 iwwert d'Justizattachéen ass de Rekrutement an d'Magistratur exklusiv duerchgefouert ginn op Basis vun den Examensresultater am Kader vum Stage judiciaire, deem als „Avouésexamen“ bezeechent gëtt. Am Schnëtt haten d'Kandidaten fir d'Magistratur eng Berufserfahrung als Affekot vun 2 bis 3 Joer.

Zënter dem Gesetz vum 7. Juni 2012 gëtt et ee speziellen Examen-Concours fir an d'Magistratur. D'Kandidaten mussen dräi schrëftech Epreuven ofleeën. D'Kenntnisser ginn am Zivilrecht, am Strofrecht an am Verwaltungsrecht getest. D'Attachéskommissioun, déi exklusiv aus Magistraten besteet, organiséiert déi Examen an klasséiert d'Kandidaten op Basis vun den Examensresultater. Des Kommissioun proposéiert dem Grand-Duc d'Kandidaten déi eng provisoersch Nominatioun als Justizattaché kréien.

Am Joer 2015 ass et zu enger Reform vum Gesetz iwwert d'Justizattachéen komm. Zwou Mesuren si getraff ginn:

Et brauch ee keen „Avouésexamen“ méi fir zum Examen-Concours zougelooss ze ginn. Et geet duer wann eng opmanst wärend engem Joer als Stagiaire an enger Affekotenetüde oder enger Notairesetüde geschafft huet.

Zousätzlech ass eng zweet Rekrutementsprozedur fir d'Magistratur geschafe ginn. Dat ass de Rekrutement op Dossier. Et gëtt op Dossier rekrutéiert wann séch net genuch Kandidaten fir den Examen-Concours gemellt hunn respektiv den Examen net erfollegräich ofgeschloss hunn. Um Rekrutement op Dossier kënnen nemme Kandidaten deelhuele, wa si den „Avouésexamen“ gepackt hunn an eng Berufserfahrung als Affekot vun opmanst 5 Joer virweise kënnen. Hei gëtt selektionéiert op Basis vu folgenden Elementer : d'Resultater vum „Avouésexamen“ an de Cours complémentaires en droit luxembourgeois, d'Beruffserfahrung, d'Zousatzqualikatiounen an eventuell Publikatiounen.

Fro 2

Fir d'Année judiciaire 2020/2021 si 25 Posten fir Justizattachéen als vakant erkläert ginn. De Justizminister fixéiert d'Zuel vun de vakante Posten op gemeinsame Virschlag vum Procureur général d'État, vum Président vun der Cour supérieure de justice a vum Président vun der Cour administrative.

Et goufen insgesamt 21 Kandidaturen fir dat nächst Année judiciaire agereecht: 12 fir den Examen-Concours an 9 fir den Rekrutement op Dossier. Wat den Examen-Concours betrëfft huet sech 1 Kandidat net presentéiert an 4 Kandidaten haten ongenügend Notten. Am Kader vum Rekrutement op Dossier huet 1 Persoun hir Kandidatur zréckgezunn.

D'Rekrutementsprozedur huet folgend Resultater ginn. 13 Kandidaten sinn eligibel fir eng provisoersch Nominatioun als Justizattaché ze kréien. 7 Kandidaten sinn iwwert den Examen-Concours rekrutéiert ginn an 6 Kandidaten op Basis vum Dossier.

Et gëtt leider ee negativen Trend. Et kënne net genuch Kandidaten fir d'Magistratur rekrutéiert ginn. Fir déi leschte Kéier konnten am Joer 2017 all vakant Attachésposten besat ginn: 15 Kandidaten konnten deemools rekrutéiert ginn. Am Joer 2018 waren 17 Posten ausgeschriwwen: vun deenen 17 Kandidaten, déi ursprénglech eng provisoersch Nominatioun kruten, huet 1 Persoun als Justizattaché opgehal ze schaffen. Am Joer 2019 waren 20 Posten vakant: 17 Kandidaten konnten ursprénglech rekrutéiert ginn; dovun hunn 2 Persounen demissionéiert. Fir d'Année judiciaire 2020/2021 ginn et leider nëmmen 13 Rekrutementer vun 25 méigleche Posten.

Fro 3

Am Kader vun den Justiz gesäit den Koalitiounsaccord kee Verzicht op d'Lëtzebuerger Nationalitéit vir. Momentan lafen keng Aarbechten fir Ausländer den Accès zur Magistratur ze erlaben.

Fro 4

D'Gesetz iwwert d'Justizattachéen erméiglecht et elo schonns fir experimentéiert Affekoten an d'Magistraturen ze integréieren. Wann Kandidaten den „Avouésexamen“ gepackt hunn an eng Berufserfahrung als Affekot vun opmanst 5 Joer virweisen, dann kënnen si am Kader vum Rekrutement op Dossier als Justizattaché postuléieren. Ech verweisen op meng Äntwert op d'Fro 1.

Déi gesetzlech Reformen betreffend d'Justizattachéen, déi an den Joeren 2012 an 2015 durchgefouert gi sinn, hunn et erlaabt fir d'Zuel vun den Rekrutementer ze erhéijen. Leider geet et net duer fir all Posten an der Magistratur kënnen ze besetzen. An der Zukunft riskéiert déi Problematik séch nach weider ze verschäerfen.